## Ordre du jour

1. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Londres en date du 7 juillet 2005
2. 5486 - Projet de loi modifiant et complétant
   a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
   b) la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

   *(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales (suite)

   *(Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)*
4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant
   a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;
   b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;
   c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

   *(Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 5476 - Projet de loi modifiant la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
6. 5477 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
7. Discours de M. le Président Lucien Weiler
8. Demandes en naturalisation

Au banc du Gouvernement se trouve M. Claude Wiseler, Ministre.

***(Début de la séance publique à 14.30 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Claude Wiseler,** *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Neen, Här President.

### 1. Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Londres en date du 7 juillet 2005

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, leider heefe sech a leschter Zäit déi méi wéi traureg Geleeënheeten, bei deenen d'Chamber, stellvertriedend fir d'Lëtzebuerger Awunner, hir Trauer, hir Indignatioun a fir net ze soen hir Roserei vis-à-vis vun engem Akt vun terroristescher Barbarei zum Ausdrock bréngt.

Leschten Dënschdeg de 7. Juli huet déi ziviliséiert Welt mat Fassungslosegkeet missen erfueren, dass dës Kéier London d'Zilscheif vu krimineller Energie ginn ass, déi eis Welt bal dagdeeglech bedroht.

Ouni Récksiicht op onschëlleg Affer ass zu London nees zougeschloe ginn, géint déi fundamental Wäerter, déi eis Gesellschaft héichhält, a méi wéi jee musse mer eis virun Aen halen, datt dësen Uschlag, dee London getraff huet, leedeglech ee Glidd an enger Ketten ass, déi schlussendlech eis Visioun vun Demokratie a Mënschenrechter zu Fall bréngen soll.

Fir Terrorismus gëtt et keng - awer och guer keng - Rechtfäerdegung. Deene fanatesche Géigner vun eise Wäertvirstellungen däerft net entgaange sinn, datt duerch hir Schandtaten eis Entschlossenheet fir d'Verteidegung vun eiser Fräiheet méi staark, méi resolut a méi déterminéiert gëtt.

Et ass haut d'Uleies vun der Chamber, dem Britesche Vollek d'Gefiller vun Trauer, vu Bestierzung a vu Solidaritéit auszedrécken. Jidderee vun eis fillt an dëse Momenter mat de Famillje vun den Affer a mat deenen, déi nach ënnert hire Verletzunge leiden.

Ech géif lech bieden opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un d'Affer ze gedenken.

***(Minute de silence)***

Ech soen lech Merci.

Mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten; et ass dat d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Statsbeamtegehälter. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Grethen, den Här Schreiner, den Här Adam an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

### 2. 5486 - Projet de loi modifiant et complétant

### a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

### b) la loi du 21 décembre 2004 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

***Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 5486, dee mer haut diskutéieren, soll een Deel vun deene Moossnamen ëmsetzen, déi am Accord salarial stinn, deen den 31. Mee vun dësem Joer tëschent der Regierung an der CGFP ënnerschriwwe ginn ass.

Ech mengen et wier gutt wann een déi Moossname géif kuerz rappeléieren, fir och d'Bedeitung vun deem Accord an de Vierdergrond ze stellen.

Et sinn eigentlech dräi Kategorië vu Moossnamen, déi an deem Accord salarial dra sinn. Et si fir d'éischt mol déi Moossnamen, déi duerch ee Gesetz mussen ëmgesat ginn. Et sinn zweetens Moossnamen, déi duerch Règlement grand-ducal kënnen ëmgesat ginn. An et sinn dann eng Rei vun Engagementer - dat ass déi drëtt Kategorie vun deem Accord salarial -, déi de Stat geholl huet, fir am Intérêt vun der Fonction publique ëmzesetzen.

Fir d'éischt mol d'Moossnamen, déi duerch Gesetz ëmgesat ginn; et sinn dat eigentlech véier verschidde Moossnamen. Et ass fir d'éischt d'Erhéijung vum Punktwäert vun de Gehälter; 1% vum 1. Januar 2005 un, an ëm 0,8% vum 1. Januar 2006 un.

Et ass zweetens d'Méiglechkeet vun engem Avancement en traitement fir déi Beamten, déi während 12 Joer vu kengem Avancement konnte profitéieren. Sief et well se an enger Verwaltung si mat engem ganz niddregen Effectif, an där Carrière wou se dra sinn, oder awer well duerch eng sou genannt asymmetresch Alterspyramid d'Méiglechkeet vun engem normalen Avancement an där Verwaltung net besteet.

Et ass dann drëttens d'Aféierung vun engem eenheetlechen Délai vun engem Mount bei dem Reklamatiounsrecht vun de Beamten, deen am Artikel 33 vum Statut virgesinn ass.

An et ass véiertens d'Aféierung vun engem Stage à temps partiel vu 50 oder 75%.

Zweet Kategorie vu Moossname sinn déi, déi duerch Règlement grand-ducal kënnen ëmgesat ginn. Dat sinn der och véier. Et ass fir d'éischt d'Proratisatioun vun der lessenszoulag no der Aarbechtszäit, mat Pallierë vu 25, 50 a 75%.

Et ass zweetens d'nei Festsetzung vun der Indemnité kilométrique op 0,40 Euro.

Et ass drëttens d'Upassung vun der Indemnité d'habillement, der Kleedermass, no dem Index.

An et ass zu gudder Lescht d'Eropsetze vum Congé de circonstance vun zwee op véier Deeg. Dat ass de Congé vun deem Pappe kënne profitéieren, wann hir Fraen ee Kand kréien. Et ass also am Sënn vun enger méi grousser Gläichberechtegung, schéngt et mir.

Déi drëtt Kategorie sinn eenzel Moossnamen, vun deene sech de Stat engagéiert huet ze huelen; ech wëll déi net eenzel hei opzielen. Et geet dat vun der Aféierung oder vun der Neibeliewung vun Aarbechtsgruppen a Kommissioune bis hin zu dem Engagement vum Stat, fir och nei Lokaler ze siche fir d'Statsbeamtekantin, déi duerch den Erfolleg, dee se och an de leschte Jorzéngte kannt huet, net méi den Erfuerdernisse vun haut entsprécht.

Den Accord salarial vum 31. Mee 2005 war noutwendeg ginn, well dee viregten Accord salarial vum 21. Mäerz 2002 ofgelaf war mat dem leschten Dezember 2004. Et huet also een neien Accord missen ausgehandelt ginn. D'Statsbeamtegewerkschaft, d'CGFP, huet dofir um Enn vum leschte Joer, schonn am November, ee Katalog vu Fuerderungen un d'Regierung eraginn. D'Verhandlunge sinn am Laf vun dem November bis Ufank vun dësem Joer gelaf an, wéi gesot, den 31. Mee 2005 konnt dann een neien Accord ofgeschloss ginn. Dee leeft iwwert d'Joren 2005 an 2006, sou dass, wann en Enn 2006 zu Enn geet, nei Verhandlungen um Enn vun deem Joer mussen ugefaange ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord salarial vum 31. Mee vun dësem Joer schreift sech och an an déi kontinuéierlech a moderéiert Gehaltspolitik, sou wéi dat an der Regierungserklärung vum 4. August 2004 virgesinn ass.

Am Exposé des motifs vum Regierungsprojet, deen iwwregens den 30. Juni an der Chamber deponéiert ginn ass, mä och am schréftleche Rapport vun der Kommissioun sinn déi Eckwäerter, déi Elementer, déi derzou geféiert hunn, dass deen heiten Accord zustane komm ass, mat där Erhéijung, déi fir se virgesinn ass, mat deene Moossnamen, wéi si virgesi sinn. Do sinn déi Motiver répétéiert, sou dass ech haut an hei net méi nach eng Kéier op déi Elementer brauch anzegoen; déi si bekannt. An et ass jo jiddereen och senséiert, déi Dokumenter, déi eis virleien, gelies ze hunn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, den Text vum Gesetzesprojet ass vun der Beruffschamber aviséiert ginn, an déi huet och deem Text hiren Accord ginn.

De Statsrot, deen den 28. Juni mam Projet befaasst ginn ass, huet a sengem Avis vum 5. Juli nëmmen d'Artikelen I, II a V begutacht. Hien huet mat der Motivatioun, et wier em net genuch Zäit zur Verfügung, d'Artikelen III a IV net aviséiert.

Dat sinn déi Artikelen, déi déi Mesurë betreffe wat den Avancement ugeet an esou weider.

D'Artikelen I an II sinn éischtens d'Gehaltserhéijung an zweetens d'Matadaptatiounen um Budget, esou dass, well de Statsrot keen Avis ofginn huet, d'Kommissioun déi zwee Artikelen, déi de Statsrot net aviséiert huet, och net konnt zréckbehalen. Well Dir wësst, dass mer, wa mer dat gemaach hätten, hätte missen den Text un de Statsrot zréckginn. Mir hätten dräi Méint misse waarden. Domat wär och den éischten Artikel dann ëm déi Zäit zréckgeworf ginn. Dofir ware mer och der Meenung, a mir bedaueren dat, dass mer nëmmen d'Artikelen I an II kënnen zréckbehalen.

Mir hunn derniewent awer och den Artikel V gekuckt. Den Artikel V huet als Zil, den Datum vum Akraafttriede vum Gesetz festzesetzen, an zwar ass do den Datum vum 1. September vun dësem Joer virgesinn. Deen Datum ass haaptsächlech an d'Gesetz ageschriwwe gi wéinst de Mesurë vun den Artikelen III a IV.

Well awer déi Artikelen ewechfalen, well op där anerer Säit am Artikel I kloer festgeluecht ass, dass d'Erhéijung vun 1% vun de Gehälter réckwierkend op den 1. Januar vun dësem Joer geschitt, an dass d'Erhéijung vun 0,8% am Januar 2006 geschitt, well zweetens den Artikel II eng Ännerung vum Budget bëinhalt, déi op d'ganzt Joer zoutrëfft, ware mer der Meenung, dass den Artikel V an där Form net bräicht zréckbehalen ze ginn. Well esou wéi e virlouch, hätt en héchstens zu Ambiguïtéite gefouert, well een dann net kloer gewosst hätt, ob dann d'Regierung schonn den 1. September hätt missen ausbezuelen oder zu deem Datum, deen zréckbehale gi wär.

Op jidde Fall war d'Kommissioun der Meenung, dass et net méi noutwendeg wär fir deen Artikel an där Form zréckzebehalen. Dofir fält deen Artikel och ewech. Dat bedeit, dass d'Gesetz a Kraaft trëtt no deem normalen Délai, dat heescht dräi Deeg no der Publikatioun am Mémorial. Et hänkt also elo un der Regierung fir dass deen Text, dee mer haut stëmmen a wou mer unhuelen, dass de Conseil d'État d'Dispense du second vote gëtt, och séier kann a Kraaft trieden.

Dir Dammen an Dir Hären, dee méi kuerzen Text vum Gesetz ass e gudden Text. Dofir géif ech och d'Chamber bieden, deen an där Form ze stëmmen, an ech kann heimat och den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Meyers. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Henri Grethen ageschriwwen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Henri Grethen** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Merci soen, souwuel fir säi schréftleche wéi fir säi mëndleche Bericht. Mat him bedaueren ech, dass mer haut net kënne sämtlech Elementer vum Accord salarial ëmsetzen. Dat wéinst der Haltung vum Conseil d'État, deen aus zäitleche Grënn net dozou komm ass, dee ganzen Text ze aviséieren.

Ech gesinn et als e positiivt Zeechen, Här President, dass et zu engem Accord salarial komm ass. Dat war jo net ëmmer de Fall, a bis 1999 hu mer eng laang Period kannt wou et net zu engem Accord komm war, an et ass eréischt no 1999 wou meng Kolleege Lydie Polfer a Jos Schaack et fäerdeg bruecht hunn, erëm Accords salariaux auszehandelen.

Dofir sinn ech frou, dass de Minister Claude Wiseler an deem Geescht weidergeschafft huet, an ech sinn och frou an ech félicitéieren ausdrécklech deene verschiddene Verhandlungspartner, dat heescht der Regierung op där enger Säit an der CGFP als déi representativ Gewerkschaft am öffentleche Secteur op där anerer Säit, dass se déi Verhandlungen an engem Klima vun, wéi soll ech soen, an engem gudde Klima wuel, mä awer net op der Place publique gefouert hunn. Well et weess ee jo wéi vill Näider d'Fonction publique huet a wéi et dann ëm esou Verhandlunge gestallt ass, wann, entschëllegt den Ausdrock, Jänni a Männi mengt e misst sech op där enger an op där anerer Säit do amëschen.

Dat Resultat, wat erziilt ginn ass, 1% fir d'Joer 2005 réckwierkend op den 1. Januar also an 0,8% fir

d'Joer 2006, kann a muss een als moderat bezeechnen, wann ee weess, dass mer d'lescht Joer e Wirtschaftswuesstum vu 4,5% haten. Däerf ech awer drun erënneren, Här President, dass am Joer 2004, um Ufank vum Joer, wéi ech gewot hat an enger Ried ze soen, dass d'Prévisioune fir de Wirtschaftswuesstum, déi d'Regierung an de Statec virausgesot haten, mengem Gefill no e bëssen ze moderat wären, an dass ech géif mengen, dass mer géifen e Wirtschaftswuesstum vun op d'mannst 2,5, jo souguer vläicht 3% erreechen, mer deemools Electoralissem virgeworf ginn ass. Deemools hunn ech gesot kritt, am Hibléck op d'Wahle wéilt ech d'Situatioun schéirieden. Elo, 2005, stelle mer fest, dass et 4,5% sinn, an am Liicht vun deenen Zuelen ass deen Ofschloss hei absolut ze verteidegen.

Här President, mir brauchen eng modern Fonction publique. Mir brauchen an der Fonction publique motivéiert, engagéiert Mataarbechter. Dofir huet och déi viregt Regierung gekuckt, dass sollte Passerellë kommen zwëschent dem Privatsecteur an dem öffentleche Secteur. An ech muss lech soen, Här President, vläicht net bei deenen ënneschte Gehälterkategorien, mä bei deenen ieweschte Gehälterkategorië gesäit ee jo wéi schwéier et ass fir aus dem Privatsecteur gutt Leit ze rekrutéieren. Eenzel Ministeren an dëser Regierung hu jo misse praktesch den Hochstand drécken, wéi se deen een oder deen anere vun hire Conseillere wollten engagéieren.

Dat beweist, dass dat Mäerche vum Iwwerbezuelen an der Fonction publique op alle Fall net iwwerall richteg ass. Mir hunn och aus dem Rapport Fontagné erausgelies, een dee wollt dat liesen, wéi wichteg den öffentleche Secteur fir d'Kompetitivitéit wär, e gudden, performanten öffentleche Secteur fir eis Ekonomie wär. Ech hoffen, Här President, dass bei deene Reformen, déi an deene leschte Joren initiéiert gi sinn, an deemselwechte Geescht weidergefuer gëtt.

Ech ka mech nëmme félicitéiere fir dësen Accord, deen zwëschent der Regierung an der CGFP erreecht ginn ass, an ech däerf, Här President, den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Accord bréngen, verbonne mam Wonsch, deen aneren Deel vum Accord salarial esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Grethen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roland Schreiner** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt och emol vu menger Säit aus e ganz häerzleche Merci un de Rapporteur, de Paul-Henri Meyers, fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, dee jo ganz kuerzfristeg huet missen erstallt a verfaasst ginn, fir dass mer dëse Projet de loi, oder wéinstens en Deel dovun, haut nach kënne virun der Vakanz evakuéieren.

Ech erënneren drun, an et ass scho gesot ginn, dass jo de Gehälteraccord eréischt den 31. Mee, dat ass jo nach net esou laang hier, ënnerschriwwe ginn ass, an dass déi Prozedur - Statsrot, Avisë vun de Chambres professionnelles - a relativ kuerzer Zäit huet misse gemaach ginn.

Wéi de Rapporteur och scho gesot huet, beschränkt sech dëse Projet just op d'Augmentatioun vum Punktwäert a seng Inzidenzen op de Budget. Op déi aner Elementer vum Accord salarial, déi an e Gesetz musse gekleet ginn, dorop kréie mer jo dann d'Geleeënheet an enger zweeter Etapp zréckzekommen, och wann ech, grad wéi mäi Virriedner, bedaueren, dass et eis eben aus deenen techneschen, organisatoresche Grënn net méiglech war, dee gesamte Package elo nach ze evakuéieren - mä dat wëlle mer jo dann an enger zweeter Etapp esou séier wéi méiglech nohuelen.

Gehälterverträg hunn an der Vergaangenheet des Öfteren Ulass gi fir vill Diskussiounen an der Öffentlechkeet; och ech begréissen, dass dat u sech dës Kéier méi roueg ofgelaf ass.

Et ass awer selbstverständlech nëmme logesch a wichteg, dass Accord-salarialen an der Fonction publique musse gesi ginn am Kontext vun der finanzieller Lag vum Stat, well et eben hien ass, deen d'Gehälter vu seng Beamte bezilt a se och muss finanzéiere kënnen, dass se awer och musse gesi ginn am Kontext vun der Kontinuitéit vun der Besoldung vun den öffentleche Bedéngschteten.

Kontinuitéit ass wichteg, well wa mer e modernen an en effiziente Stat wëllen, deen am Déngscht vum Bierger steet, da brauche mer och gutt forméiert a motivéiert Beamten. Dofir ass et wichteg, dass e gesond Vertrauensverhältnis besteet tëscht dem Patron a senge Leit, an dozou gehéiert och Vertrauen an eng gesond Gehälterpolitik.

Natierlech muss esou en Ofkommes och an de Kader vun der wirtschaftlecher Dynamik an eisem Land gestallt ginn. Wann et dem Stat gutt geet, wann en iwwer ausräichend finanziell Ressourcë verfügt, da kann e sech gewësse Générositéite géintiwwer vu senge Beamte leeschten an erlaben. Wann dat net esou ass, da gesinn d'Gehälteraccorden och emol anescht aus. Dat hu mer an der Vergaangenheet jo och schonn erlieft.

Dat hu mer zum Beispill Mëtt den 80er Jore gesinn, wéi eng Period vu gréisserer Zréckhalung opgrond vun enger wirtschaftlecher Flaut op en Enn gaangen ass, an en Accord, dee 4% Augmentatioun iwwer zwee Joer virgesinn huet, konnt applizéiert ginn. Vun deem Moment un hu sech all nofolgend Accorden, wann et dann Accordë waren, op engem méi héijen Augmentatiounsniveau ugesiedelt, well dat gesamtwirtschaftlech gekuckt och da gerechtfertegt war.

D'Abettung vun de Gehälter am öffentleche Secteur an de Kontext vun der wirtschaftlecher Leeschtungsfäegkeet vum Land, an domat och der Leeschtungsfäegkeet vum Stat, ass e wichtege Kritär. Et ass sécher richteg, dass mir de Moment net méi an dësselwechter Boomlogik dra sinn an eiser Ekonomie wéi dat nach virun e puer Joer vläicht de Fall war, och wann eng gewësse Reprise jo net ze verkennen ass, an och Deeler vun der Privatwirtschaft déck Gewënner de Moment nach ëmmer verzeechnen.

Mir leie fir d'lescht Joer - an den Henri Grethen huet et gesot - bei engem Wuesstum vu 4,5%. Am Joer 2000 waren et der nach ronn 8,5%. Et muss een och wëssen, dass am Privatsecteur jo ganz virsiichteg de Moment och verhandelt gëtt, well d'Verhandlungskontexter vläicht net ëmmer déi gënschtegst an och oft ganz kriddelech sinn.

Wa mer d'Virgabe vun der Regierungserklärung kucken, an dat ass och schonn hei gesot ginn, da kann ee roueg behaapten, dass dësen Accord de Statsfinanze souwéi de Prinzipien, déi fir dës Legislaturperiod a Saache Gehälterpolitik opgestallt goufen, Rechnung dréit. Kontinuitéit a Saache Besoldung vun den öffentleche Beamten, moderat Moossnamen, an och Respekt virun de budgetäre Contrainten. Ech wëll elo hei net doriwwer spekuléieren, ob den Accord dann och deem méi zolitte 4,5%ege wirtschaftleche Wuesstum bis zum Schluss elo Rechnung dréit.

Grondsätzlech, mengen ech, si mir och als LSAP der Meenung, an ech mengen dat ënnerscheet eis och net vun deenen anere Parteien, dass d'Fonctionnairen, d'Beamten, d'Aarbechter beim Stat, de Gemengen an och aus den assimiléierte Secteuren e Recht hunn, un där allgemenger dach gudder wirtschaftlecher Lag während der Period, op déi sech den Accord berifft, ze participéieren. Ech wëll och elo hei keng Stee opmaachen a soen, den Accord hätt quantitativ nach missen oder kënne besser ausgesinn. Den Impakt op d'Statsfinanzen - an déi Zuelen, déi mer jo och am Rapport konnten noliesen, ënnermaueren dat - ass jo awer och substanziell, och wann ee muss wëssen, dass iwwert de Wee vun de Steieren en Deel nees zréckfléisst an och de positiven Impakt op d'allgemeng Ekonomie net ze ënnerschätzen ass. Et kann ee global feststellen, dass dësen Accord eng gutt Mëschung duerstellt tëschent deene finanzielle Capacitéite vum Stat op där enger Säit an de legitimen Usprëch vum Personal op där anerer Säit.

Här President, grondsätzlech ass et jo esou, dass déi staatlech Lounpolitik net fundamental anescht ka si wéi déi am Privatsecteur. An der Vergaangenheet war et des Öfteren esou, dass d'Regierung d'Verhandlunge mat der Statsbeamtegewerkschaft opgrond vun enger Etude comparative iwwert d'Evolutioun vun dem Akommes am Privatsecteur an am öffenleche Secteur gefouert huet. Dës Kéier ass déi doten Etüd net gemaach ginn, mä d'Regierung huet sech beruff op eng ganz Rei vu komparativen Etüde sektorieller Natur, och wat d'Evolutioun am konventionéierte Secteur zum Beispill ugeet.

An der Kommissioun hu mer eigentlech déi doten Elementer net esou diskutéiert bis an den Detail, an och den Exposé des motifs gëtt wuel ganz chiffréiert an étofféiert Informatiounen iwwer eis national, européesch an och Weltwirtschaft, mä e léisst eis awer dach e bëssen am Onkloeren iwwert déi eigentlech Parameteren, op déi d'Regierung sech bei de Verhandlungen nach beruff huet, niewent de Prémissë vun der Regierungserklärung. Vläicht kann de Minister eis herno doriwwer nach e bësse méi prezis Informatioune liwweren.

Ech hu gesot, den Accord entsprécht de Virgabe vun der Regierungserklärung. Ech wëll mech och dofir net ze vill inhaltlech domat ausernee setzen. E gouf jo och vun de Verhandlungspartner als en zefridde stellenden Accord beschriwwen, wat jo beleet, dass de Patron Stat mat de Vertrieder vu senge Beschäftegten eens ginn ass.

Et sief mer awer d'Feststellung erlaabt, dass mer et hei, wéi mer et eigentlech och aus der Vergaangenheet scho gewinnt sinn, mat engem eigentlech klasseschen, linéairen Accord ze dinn hunn, dee wuel quantitativ korrekt ass, deen awer qualitativ och anescht hätt kënnen agencéiert ginn, fir vläicht de Sensibilitéite vu verschiddene Kategorien, besonnesch méi an deenen ënneschte Beräicher, besser Rechnung ze droen. Hei soll och vläicht d'Regierung sech iwwerleeën, ob bei zukünftege Verhandlungen net op esou e Wee och ka gaange ginn.

Dann ass et och esou, dass laut der Fiche d'évaluation d'impact, déi jo partie intégrante vum Projet de loi ass, dësen Accord salarial sech direkt applizéiert op ronn 20.000 bis 21.000 Statsbeamten, -employéen an -aarbechter, an doriwwer eraus zousätzlech och op ronn 21.000 Leit aus deene sou genannten assimiléierte Secteuren. D'Regierung verhandelt jo traditionell mat där bei wäitem stäerkster a representativster Gewerkschaft aus dem Secteur, wat u sech e politesche Choix ass, deen déi jeweileg Regierungen an der Vergaangenheet ëmmer gemaach hunn.

Bon, ech bleiwen der Meenung, dass dat och kéint anescht fonctionnéieren. Wichteg ass awer, dass - an dat entsprécht, mengen ech, dem allgemengen demokratesche Versteesdemech - och déi aner Gewerkschaften am Secteur zumindest hir Meenung an d'Verhandlunge kënnen afléisse loossen an hir Sensibilitéite kënnen zur Sprooch bréngen. Wa se da schonn net un den eigentleche Verhandlunge kënnen deelhuelen, da solle se zumindest gehéiert, consultéiert an och informéiert ginn.

Ech muss soen, dës Kéier huet dat jo och emol besser geklappt wéi dat schonn emol an der Vergaangenheet de Fall war, wou och déi Gewerkschaften oder déi Vertrieder vun hire Kategorien d'Verhandlungsresultat aus der Press hu missen erfueren. Zumindest op deem Plang ass dat schonn als e Fortschrëtt ze verzeechnen.

Ech wëll awer do mech net weider avancéieren op deem Thema. Ech wëll just ofschléissend soen, compte tenu vun all deem, wat scho virdru gesot ginn ass, a vun deem, wat ech och elo hei gesot hunn, a compte tenu och vun där grousser Eenegkeet déi besteet tëschent deenen zwee Verhandlungspartner, soll d'Chamber dann och sech dëser allgemenger Eenegkeet uschléissen an dëse Projet guttheeschen. Op alle Fall wäert meng Fraktioun dee Projet och esou hei stëmmen.

Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Schreiner. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Adam. Här Adam.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho ganz villes gesot ginn. Ech wëll dat och net widderhuelen, et war och näischt derbäi wou ech menge Virriedner net bäigeflicht hätt. Et ass och fir déi gréng Fraktioun selbstverständlech, datt mir eisen Accord ginn zu deem Accord salarial, dee vun der Regierung an der CGFP ausgehandelt an den 31. Mee ënnerschriwwe gouf.

Eng Augmentatioun vun 1% ab dem 1. Januar 2005 a vun 0,8% ab dem 1. Januar 2006 ass an eisen Aen eng moderat Lounentwécklung. Mir hätten och kënne mat e bësse méi liewen, mä mir hätten och kënne mat e bësse manner liewen. Dat wëll ech awer erklären.

Mir sinn der Meenung, vläicht wier dat eng Iddi fir emol an Zukunft och esou ze verhandelen. Mir hätten eis och kënnen eng Nullronn virstellen an der Pai, an dann hätt een de Beamten de Choix gelooss, ob se vläicht anstatt 1% méi an der Pai gär 1% méi Congé gehat hätten. Wier dat net eng Méiglechkeet, fir och emol eng Kéier op esou e Wee ze goen an esou eng Iwwerleeung ze féieren?

***(Interruption)***

All déi Accorden, wéi gesot, sinn eiser Meenung no e gutt Resultat vun enger Verhandlung. Mir sinn eis och bewosst, datt dat Resultat hei, dat ass ëmmerhin de Stat, dee gréissten Employeur aus dem Lëtzebuerger Land, dat heescht dat ass schonn en Accord salarial vun enger ganz grousser Bedeitung. Op déi eenzel Mesuren, op déi och den Här Paul-Henri Meyers agaang ass, wëll ech elo net méi am Detail agoen.

Ech begréissen awer nach ausdrécklech zwou familljepolitesch Mesuren, déi och an deem Accord stinn. Dat eent ass, datt de Congé de circonstance ëm zwee Deeg eropgesat ginn ass. Ech mengen dat ass eng Mesure, déi den zukünftegen Elteren et erlaabt, wann och nach kleng Kanner am Haus sinn, fir sech besser ze organiséieren.

E ganz wichtegen Detail an en zweete Punkt, deen eigentlech nach kee Resultat viraussoe léisst, ass, datt e Groupe de travail sech wëllt domat beschäftegen, datt d'Allocation de famille integral un déi Elteren ausbezuelt gëtt, wou déi zwee Elteren décidéiere fir hallef schaffen ze goen. Dat war bis elo oder dat ass nach ëmmer am Moment eng Ongerechtegkeet, datt, wann zwee Leit hallef schaffe ginn, se nëmmen eng hallef Allocation de famille kréien. Ech fannen et awer flott, datt dat och als Problem erkannt ginn ass an datt ee sech wëllt domat ausernee setzen.

Ech bréngen dann den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen lech Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport iwwert dëst Gesetz, wat zesummegeschrumpft ass opgrond vum Avis vum Conseil d'État an am Fong nëmme méi nach d'Artikelen I an II huet, déi eng Gehaltsopbesserung an der Fonction publique virgesinn den 1.1.2005 vun 1% an den 1.1.2006 vun 0,8%.

Et ass vu menge Virriedner gesot ginn, datt d'Lëtzebuerger Land, de Stat, d'lescht Joer e Wirtschaftswuesstum hat vu 4,5%, wat mer, mengen ech, alleguer begréissen. Et ass normal, wann e Wirtschaftswuesstum ass, datt dann och déi Leit, déi gehollef hunn, souwuel am private wéi am öffentleche Secteur, datt dee Wuesstum zustane kënnt, och e Recht op en Undeel vun deem Wuesstum hunn.

Et ass en Accord vun 1,8% op zwee Joer. Wa mer e mam Privatsecteur vergläichen, gëtt et am Privatsecteur Betriber, wou mer op zwee Joer ähnlech Resultater a Kollektivverträg hunn. Mir hunn awer allerdéngs och leider an der leschter Zäit Kollektivverträg am Privatsecteur, déi net méi déi doten Augmentatioun erauskréien. Mir hunn och déi leschte Kéier bei engem gréissere Betrib gesinn, datt wuel am Kader vun de Kollektivvertragsverhandlunge bei den Aktiven eng liicht Progressioun ass, mä datt déi Leit, déi nei an déi Betriber erakommen, awer mat méi niddrege Gehälter ufänke wéi dat bis elo de Fall war.

D'Fro, déi ee sech insgesamt ka stellen, dat ass ob et richteg ass, datt mer ëmmer eng linéaire Augmentatioun beim Stat maachen, an ob een net sollt versichen, och am Kader vun där Enveloppe vläicht méi punktuell ze reagéieren, well mer jo awer och wëssen, datt mer beim Stat eng Rei vu Carrièren hunn, wou mer Problemer hu fir Leit ze fannen - et ass net bei alle Carrièren, mä et si spezifesch Fäll do -, ob een net do misst vläicht méi selektiv virgoen, fir eben déi Gehälter oder déi Carrièrë méi attraktiv ze maachen.

Et ass kloer, wann ee beim Stat géif elo direkt e Verglach maachen tëschent den eenzelne Carrièren am Privatsecteur, da géif ech mengen, datt ee kéint global gesi soen, datt déi ënnescht Carrièren eventuell, oder beim Stat an der Moyenne gesinn, méi héich bezuelt si wéi am Privatsecteur. Wann ee méi eropgeet, kann een allerdéngs am Privatsecteur Carrièrë fannen, déi do besser bezuelt sinn - net alleguer, awer zum Deel -, wéi dat am öffentleche Secteur de Fall ass. Et ass och do wou ee gréisstendeels Problemer huet, fir eben déi Topleit ze kréien, déi ee brauch.

Ech géif mengen, datt een éischter misst an esou eng Richtung goe wéi déi, déi de Kolleeg Adam elo hei gesot huet, woubäi ech dovunner ausginn, datt hien, wéi e gesot huet 1% Lounaugmentatioun oder 1% Congé, domadder déi Masse

salariale gemengt huet, de Coût gemengt huet vun deem enge Prozent. Well soss wier et nämlech relativ schwaach wat do géif u Stonnen, u Congé erausfalen.

Mä ech mengen op där anerer Säit musse mer och oppassen, datt mer eng Fonction publique behalen, déi awer och fonctionnel bleift, an datt mer net sollte vläicht ze vill an déi Richtung goen, well mer dann och wëssen, datt ëmmer méi Leit op hire Fonctioune feelen, wat sécherlech dann och erëm aner Problemer mat sech bréngt, esou datt ee menger Meenung no awer besser läit, datt een um Gehalt eppes mécht, wéi datt ee sollt d'Reduktioun vun der Aarbechtszäit beim Stat virgesinn.

Wann d'Regierung higeet a si akzeptéiert dësen Accord, da gi mer och dovun aus - an dat ass am Fong eppes wat eis positiv stëmmt -, datt d'Regierung der Meenung ass oder der Iwwerzeegung ass, datt d'Statsfinanzen dësen Accord kënnen duerchaus verkraaften.

Här President, da si mer der Meenung, wann d'Regierung zu där Konklusioun komm ass, datt mer dann och sécher, well dëse Vertrag eben elo ëmgesat gëtt, eng gewësse Garantie kréien, datt mer net an den nächste Méint oder an den nächsten zwee Joer däerften iergendwéi vun dëser Regierung Moossname proposéiert kréien, déi op där anerer Säit géifen e sozialen Ofbau bedeiten. Mä dat hei gëtt eis dann och eng gewësse Garantie, datt de Stat eis hei seet, d'Finanzen erlaben et fir d'Gehälter ze erhéijen, an dat bedeit da gläichzäiteg, datt mer net och brauchen op anere Plazen e sozialen Ofbau ze maachen.

Insgesamt, Här President, mengen ech ass et awer d'Missioun vun engem Stat, vun enger Regierung, fir ëmmer ze kucken, datt e gesonden Equiliber tëschent dem privaten an dem öffentleche Secteur besteet. Mir wëssen, datt eng Rei vun eise Betriber, virun allem mëttelstänneg a kleng Betriber am Land, haut Problemer hunn, well si en duebele Konkurrenzdrock hunn. Eis Betriber hunn engersäits de Konkurrenzdrock vun de Betriber aus der Grenzregioun, déi massiv op eise Maart hei erakommen, wou se musse mat deene konkurrenzéieren, an noutgedronge spillen dann och d'Gehälter, déi an de mëttelstännegen a klenge Betriber bezuelt ginn, eng Roll mat fir konkurrenzfäeg vis-à-vis vun de Betriber aus der Grenzregioun ze bleiwen.

Op där anerer Säit hunn déi Betriber dann awer och d'Konkurrenz vum Secteur public, well ganz vill Leit am Privatsecteur schaffen, mä - an dat ass och mënschlech -, soubal wa se eng Plaz kënne kréien am Secteur public, dann an de Secteur public eriwwerwiesselen. Et ass emol vläicht net ëmmer esou, mä d'Gehälter, déi am Secteur public bezuelt ginn, sinn och eng Ursaach. Mä et ass awer och virun allem d'Garantie d'emploi, déi mer am Secteur public hunn, a mat de steigenden Zuele vum Chômage gewënnt déi Garantie d'emploi, déi mer am Secteur public hunn, u Valeur.

D'Leit sinn natierlech gären ofgeséchert, a wann een natierlech eng Plaz kritt, op där een ofgeséchert ass, ass een natierlech frou, wann een déi ka kréien, an ech géing souguer mengen - wat zwar net de Fall ass -, wa souguer d'Gehälter e bësse méi niddreg wiere wéi am Secteur privé, géifen d'Leit éischter nach an de Secteur public goen, fir eben déi Garantie d'emploi ze hunn. Elo hu se eng Garantie d'emploi a si hunn op där anerer Säit och, wéi gesot, Gehälter, déi duerchaus comparabel mam Secteur privé sinn.

Deen Accord salarial huet eng aner weider positiv Beaflossung, an zwar vun eisem Rentenajustement. Mir wëssen, datt mer zënter 1989 en eenheetlechen Ajustement hunn, wou mer d'Gehälter aus dem privaten an dem öffentleche Secteur considéréieren, wat d'Evolutioun ubelaangt, fir den Ajustement vun de Pensiounen, dee fir de privaten an den öffentleche Secteur spillt, ze berechnen. A wann eben d'Masse salariale an d'Luucht geet, da wësse mer och, datt mer doduerch sämtlech Pensioune beim nächsten Ajustement an enger ähnlecher Héicht wäerte kënnen opbesseren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi puer Iwwerleeunge vun eiser Säit aus zu dësem Accord, wou ech och vun eiser Säit aus wëll d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. De leschte Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den honorabelen Här Mehlen.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu grad héieren, an ech deelen dat och, datt eng moderat Erhéijung hei zréckbehale ginn ass, datt déi am Aklang ass mat der Croissance économique, datt se fir d'öffentlech Finanze finanziell tragbar ass, wéinstens esou wéi d'Situatioun de Moment ausgesäit, an et liest een och, datt aus dem private sozioekonomeschen Ëmfeld dës Kéier keng Reaktioune komm wären, déi negativ gewiescht wären. Et däerf ee sech d'Fro stellen: Ass alles okay?

Ech géif soen, oberflächlech gekuckt vläicht jo. Mä et muss een awer d'Gehälterpolitik beim Stat - a mäi Virriedner, de Gast Gibéryen, ass schonn deelweis drop agaangen - am gesamtekonomesche Kontext kucken, an ech wëll mech explizéieren.

E Stat respektiv eng Ekonomie ka laangfristeg nëmmen iwwerliewen, wann all Secteuren zuëneen an engem gewëssene Gläichgewiicht stinn, wat hire Status, hiren Développement, hir Atouten an hir Attraktivitéit ubelaangt. Et muss een d'Fro stellen: Ass dat zu Lëtzebuerg nach de Fall? Ech woen et ze bezweifelen.

Aus Ëmfroe geet ervir, datt bal 80% vun deene Jonken hei am Land eng Plaz am öffentlechen Déngscht ustriewen a bal 90% vun hiren Eltere wëllen, datt hir Kanner sollen an den öffentleche Secteur schaffe goen. Ganz besonnesch de Mëttelstand huet ënnert dëser Tatsaach ze leiden. Engersäits stinn déi mëttelstänneg Betriber a Konkurrenz mam Stat um Aarbechtsmaart, anerersäits musse si an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, wat e Grenzland ass, mat den auslännesche Betriber konkurréieren. Ëmmer méi mëttelstänneg Betriber sinn och doduerch ouni Successeur, well d'Kanner vun dësen Entrepreneuren et virzéien, bei de Stat oder d'Gemeng schaffen ze goen.

D'Handwierkerfederatioun beklot dës Entwécklung ganz offen a vehement. A ganz besonnesch wa si déi jonk Leit formëiert hunn a se bis produktiv kënne schaffen, dann dauert et meeschtens net laang bis si eng Plaz beim Stat oder der Gemeng hunn. Datselwecht ass bei de Baueren- a Wënzerbetriber festzestellen, wou der vill oder ëmmer méi net wéinst Manktum un Nowuess, mä duerch Ofwanderung vun de Kanner an den öffentlechen Déngscht ophalen.

Här President, eng Gesellschaft, där hiert eenzegt Zil et ass, sech an de sécheren Hafe vum öffentlechen Déngscht ze flüchten, amplaz sech dem Défi vum Maart a vun der Konkurrenz ze stellen, ass laangfristeg zum Ënnergang condamnéiert. D'Regierung huet dëse Problem erkannt. Si beklot bei all Geleeënheet de Verloscht vun eisem Esprit d'entrepreneur, deen eis an eiser Geschicht zum Erfolleg, dee mir all kennen, verhollef huet.

Ech erlabe mer, de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké ze zitéieren, deen elo viru kuerzem - nämlech den 9. Juli war et am „d'Wort" ze liesen - gesot huet: „Neben der Forderung, dass die Verwaltung flexibler und schneller reagiere", vis-à-vis vun de Betriber, „forderte der Minister ein Umdenken in der Bevölkerung. Der Wunsch, in der Verwaltung zu arbeiten, müsse verändert werden in Richtung auf die Privatindustrie." An hien huet zesumme mat dem Mëttelstandsminister eng grouss Campagne gestart fir déi Jonk ze encouragéieren, sech selbstänneg ze maachen ënnert dem Motto „Trau dech".

D'Regierungsvertrieder fuerderen déi jonk Handwierker bei der alljährlecher Diplomverdeelung all Kéiers op, sech als selbstänneg Patronen ze etabléieren an net bei de Stat oder bei d'Gemeng ze goen. Mä et funktionéiert net wann d'Viraussetzungen net stëmmen, mir wëssen dat. An duerfir si mer frou wann Auslänner net nëmmen als Salariéen an eis Handwierksbetriber schaffe kommen, mä sech selwer als Indépendantë respektiv Entrepreneuren hei etabléieren oder eis buedemstänneg Betriber iwwerhuelen a weiderféieren, well eis eege Jugend dat net méi mécht.

D'Lëtzebuerger bei de Stat, d'Auslänner am Privatsecteur, ass dat d'Visioun, déi mir fir eis Zukunft hunn? Et kann een d'Gehälterpolitik am öffentlechen Déngscht net lassgeléist vun dëse Considératioune kucken a jugéieren. Et ass och - an dat muss ee soen - laangfristeg am Intérêt vun der Fonction publique, datt dës beängschtegend Situatioun redresséiert gëtt, well nëmme wann de Privatsecteur, an dozou gehéiert prioritär de Mëttelstand, gutt funktionéiert, ass och den öffentlechen Déngscht ofgeséchert.

Ech bedaueren doriwwer eraus, datt et der Regierung um néidege Courage feelt, am öffentleche Secteur eng selektiv Gehälterpolitik ze maachen, déi manner op de Géisskaneprinzip, mä dofir awer méi op d'Unerkennung vu Kompetenz, Leeschtungsbereetschaft an Disponibilitéit ausgeriicht ass. Et war dat och ee vun de wesentleche Punkte vum ADR-Wahlprogramm vun 2004.

Aus all dëse Grënn, déi net géint eng adequat Besoldung - an ech wëll dat hei ënnersträichen - am öffentlechen Déngscht schwätzen, mä am allgemengen Interessi vum Land a senger ganzer Bevölkerung, doen ech mech, Här President, schwéier, trotz där Moderatioun, déi draläit, dësem Projet meng Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci.

***(Interruption et hilarité)***

**M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Zum Ofschloss vun där Debatt huet de Minister vun der Fonction publique, den Här Claude Wiseler, d'Wuert. Här Wiseler.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Merci, Här President. Ech hu mech gewonnert wéi den Här Gibéryen fäerdeg war, datt dat Ganzt den ADR esou positiv sollt gestëmmt hunn. Dofir huet den Här Mehlen elo déi noutwendeg Nout do hannendrun awer gesat.

Ech fänken un andeem ech selbstverständlech dem Rapporteur Merci soen. Et war net einfach fir an deene Konditiounen ze schaffen, well mer den 31. Mee u sech deen Ofschloss hei gemaach hunn; de 14. Juli, haut, gëtt deen Text schonn ofgestëmmt. Dat ass iwwert déi verschidden Instanzeweeër gaang, schnell gaang, an all déi Leit, déi matgeschafft hunn, hu schnell matgeschafft, wat och noutwendeg war, fir datt mer nach virun der Vakanz konnten un dësen Text kommen.

Mir hunn en zwar net ganz gemaach, sou wéi dat am Ufank virgesi war, mä trotzdeem wäert e wichtegen Deel dovun haut ofgestëmmt ginn. Déi Négociatiounen, déi sinn awer scho vill méi laang amgaang. Mir hunn 2004 a sech ugefaangen, wou en Dossier revendicatif, e Fuerderungskatalog vun der CGFP un d'Regierung erakomm ass, an am Dezember d'lescht Joer war schonn eng éischt Concertatiounsronn. Am Ganze si sechs Concertatiounsronne gemaach ginn.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et ass och esou - an den Här Schreiner huet déi Froe gestallt -, no der éischter Concertatiounsronn, datt effektiv op Basis vun deem Fuerderungskatalog, deen erakomm ass, gekuckt ginn ass, gerechent ginn ass, probéiert ginn ass, eng Rei Donnéeën op den Dësch ze huelen. Notamment ass gekuckt ginn, wat an deenen eenzelne Contrat-collectifë vum Privatsecteur an deene leschte Jore gestanen hätt, a wéi sech am assimiléierte Secteur d'Situatioun géing presentéieren. Et ass awer net méi déi Etude comparative gemaach ginn, sou wéi se alt an deene viregte Verträg gemaach gouf.

D'ailleurs wëll ech soen, datt déi och schonn am Joer 2002 net méi gemaach gi war, an déi Zäit ass se schonn net méi gemaach ginn, well ee festgestallt huet, datt extrem vill Diskussiounen, Contestatiounen iwwert d'Method an iwwer alles dat, wat ronderëm sech ofgespillt huet, war, an datt d'Utilitéit vun där Etüd par rapport zu dem Asaz, deen huet misse bruecht gi fir se hierzestellen, net dat bruecht huet wat duerno sënnvoll gewiescht wier. Duerfir ass och dës Kéier keng Etüd méi gemaach ginn.

Ech hunn och drop gehalen, datt mer, sou wéi mer dat engagéiert haten, am Abrëll géingen eng Consultatiounsronn mat deene fënnef anere Syndikate maachen, net eng Négociatiounsronn, mä eng Consultatiounsronn, mat der FGFC, dem OGB-L, dem LCGB, dem Landesverband an dem Syprolux, ganz einfach well et och wichteg war ze héieren, wat si dozou ze soen hätten; an och eng Informatiounsronn, éier den Text definitiv ofgeschloss ginn ass. Ech fanne Consultatioun, Informatioun ass sécherlech eppes Wichteges. Et war en Engagement, wat d'Regierung ginn hat; et ass en Engagement, wat an dëser Prozedur och d'Regierung gehalen huet.

Ech wëll dann nach dozou soen, datt déi séchs Concertatiounsronnen, déi mer hate mat der CGFP als Partner, an enger extrem korrekter Atmosphär gelaf sinn. Et war sécherlech net ëmmer einfach als Négociatioun - Négociatioune sinn net ëmmer einfach, dat ass normal -, mä ech mengen datt een et zesumme fäerdeg bruecht huet, zu engem Resultat ze kommen, wat deen een an deen aneren zefridde stellt, vläicht deen een an deen aneren am gläiche Mooss onzefridde stellt, mä d'Mooss ass d'selwecht, an eens si mer eis duerfir ginn.

Ech wëll och net méi all déi Saache widderhuelen, déi an deem Accord hei opgelëscht an accordéiert gi sinn. De Paul-Henri Meyers als Rapporteur huet dat virdrun am Detail gemaach. Ech wëll just soen, datt, wat déi linéaire Augmentatioune vun 1% op den 1. Januar 2005 an 0,8% op den 1. Januar 2006 ugeet, dat Augmentatioune waren, déi esou gefrot gi sinn, déi net anescht gefrot gi sinn, mä déi als linéaire Augmentatioune gefrot gi sinn.

Pour le reste wëll ech soen, all déi aner Diskussiounen, déi ee ka féiere wat déi eenzel Carrièren ugeet, sinn a sech net Diskussioune fir den Accord salarial hei, mä sinn Diskussiounen, wann een iwwert d'Revisioun vun den Traitementer schwätzt, déi dann do musse gefouert ginn, an net op dëser Plaz. Ech fannen, datt mir och den Equiliber fäerdeg bruecht hunn zwëschent deene Moossnamen, déi dann en aarbechtspolitescheen, familljepolitescheen Aschlag hunn, an datt dat sech hei an dësem Accord an engem gudden Equiliber zréckspigelt.

Et sinn och - an dat ass vläicht manner gesot ginn - eng Rei Aarbechtsgruppen zréckbehale ginn, déi d'Problemer a Froen,…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…wou d'Technicitéit esou grouss ass, datt een an der direkter Ronn dat net konnt maachen, wou déi festgehale gi sinn a wou mir och wäerten elo am September, Oktober mat deenen Aarbechtsgruppen ufänke fir ze kucken, och op deene Sujete Léisungen ze fannen, falls der dann ze fanne sinn, mä dat misst sech jo dann aus den Négociatiounen erausstellen.

Den Här Adam huet virdru gesot, datt hie sech och hätt kënnen imaginéieren, eng Nullronn ze maachen an duerno méi Congé ze ginn. Et ass evident, datt op där anerer Säit dat eent an dat anert gefrot ginn ass, an net dat eent oder dat anert. Mä dat eent an dat anert, a mer eis da schlussendlech op dat hei eens gi sinn, well et och der Regierung hir Meenung ass, datt dat hei e sënnvollen Accord ass.

Wat de gesamte Package ugeet, do wëll ech soen, datt et mir natierlech och Leed deet, datt mer dat elo momentan net kënne ganz ëmsetzen. Mä dat ass esou an ech mengen, et muss een och gesinn, datt den 31. Mee dat hei ofgeschloss ginn ass an datt déi Zäit effektiv ganz kuerz ass.

Mir hunn eis als Ministère de la Fonction publique forcéiert fir de ganze Pak op den Dësch ze leeën. Mir hunn e Gesetzesprojet op den Dësch geluecht, deen e groussen Deel vun de legislative Moossname scho bëinhalt, déi eben elo nach net vum Conseil d'État konnten aviséiert ginn, a mir hunn alleguer déi Règlement-grand-ducauxen, déi hannendru sinn an déi dat Ganzt bekleede respektiv complétéieren, och scho mat eraginn. An ech denken, datt mer dat dann als zweete Pak heivunner kënnen am Oktober, November hei an der Chamber ofstëmmen a weiderféieren.

Et ass och nach d'Fro gestallt ginn, wéini dat Ganzt dann elo a Kraaft trëtt. Ech menge mir hate jo effektiv den Artikel V virgesinn, dee kloer gesot huet: 1. September 2005. Mir haten doriwwer eng Diskussioun an der Chamberskommissioun an deen Artikel ass erausgeholl ginn, well e sech effektiv zu engem groussen Deel dann op déi aner Artikele bezunn huet, déi elo net am Text hei mat konnten iwwerholl ginn.

Nach stellt sech d'Fro, wéini dat elo ausbezuelt gëtt. Praktesch wäert et esou goen, datt mer am September - dat heescht d'Oktoberpai - dat Ganzt kucken hinzekréien an dann och dat alles, wat geschélt ass, wat d'Rétroaktivitéit bis den 1. Januar ugeet, probéiere matzebezuelen.

Als Konklusioun wëll ech soen, datt mer hei en Accord hunn, deen zefridde stellend ass fir béid Säiten. Béid Säiten, mengen ech, ware sech bewosst, datt Accorden, sou wéi se an deene leschte Jore gemaach gi sinn, wou mer ganz aner Wuesstumsprognosen haten, wou och de Wuesstum am Ausland e ganz anere war, wou och d'Froe vun der Kompetitivitéit sech anescht gestallt hunn, wou de Chômage och net dee war, dee mer haut hei am Land hunn, net méi méiglech waren. Et war net méi méiglech en Accord vun 2,5%, wéi en 2000 war, 1% wéi en 2001 war oder elo dräimol 1,6% ze maachen. Et war jiddferee sech bewosst, datt d'ekonomesch Situatioun dat net méi hierginn huet.

D'ailleurs stellen ech mat Zefriddenheet fest, datt och am Privatsecteur d'Kommentaren iwwert dësen Accord salarial - an dat ass awer trotzdeem ze bemierken an ze ënnersträichen -, souwuel vun der Patronatssäit wéi vun der Salariatssäit, en als Accord dohinner

gestallt hunn, deen net zu Contestatioune féiert an deen ok fir jiddereen ass. Ech sinn op jidde Fall iwwert déi Zorte Remarquë vun deenen engen a vun deenen anere Säite selbstverständlech ganz zefridden.

Et ass also en Accord, dee sech och am Kader vun de Kollektivverträg beweegt, sou wéi se an deene leschte Joren am Privatsecteur gemaach ginn. An ech menge kënnen ze soen, datt et schlussendlech en Accord ass, deen esou ass, wéi en am Regierungsprogramm definéiert ass: kontinuéierlech a moderat, en ass der ekonomescher an der finanzieller Situatioun vum Land ugepasst, an ech géing soen, et ass e responsabelen, et ass e räsonabelen an et ass en ekonomesch veräntwertbaren Accord, wou Dir haut een Deel ofstëmmt.

Ech soen all deene Fraktiounen, déi hir Zoustëmmung ginn hunn - dat si se alleguer -, villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass domat definitiv ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5486 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmme bei 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen et Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen).*

*S'est abstenu: M. Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

## 3. 5338 - Projet de loi portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5338 portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5338 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marco Schank), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Robert Mehlen), Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

***Motion 1***

Gëschter huet d'Madame Loschetter eng Motioun zu dësem Projet déposéiert. Mir stëmmen elo iwwert dës Motioun of. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

***(Assentiment)***

***Vote***

Wien ass d'accord mat der Motioun vun der Madame Loschetter?

***(Interruptions)***

Jo. Ween d'accord ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Déi Motioun ass mat écrasanter Majoritéit ugeholl.

## 4. 5408 - Projet de loi portant modification de l'article 12 de la loi du 28 avril 1998 portant

## a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal;

## b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail;

## c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5408 iwwert d'Harmonisatioun vum Enseignement musical dans le secteur communal.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5408 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Marco Schank), Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5476, eng Ofänerung vum Gesetz iwwert de Bau vun der Cité judiciaire. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Brasseur, den Här Scheuer, d'Madame Loschetter an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marcel Sauber. Här Sauber.

## 5. 5476 - Projet de loi modifiant la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une cité judiciaire au plateau du St-Esprit à Luxembourg

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

**M. Marcel Sauber** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuerger Justiz waart zënter Joren, fir net ze soe schonn zënter Jorzéngten, op Aarbechtskonditiounen, déi am Fong engem drëtte Pouvoir hei am Land kënnte gerecht ginn.

***(Brouhaha général)***

**M. le Président**.- Ech géif bieden dem Rapporteur nozelauschteren.

**M. Marcel Sauber** *(CSV), rapporteur.*- „Ein langer und extrem komplizierter Weg" huet eng Dageszeitung den 30. Juli 2003 tituléiert an dann och déi ganz Geschicht vun der Cité judiciaire, wéi mer se elo hei kucken, retracéiert.

Den Hierscht 2003 ass et da schlussendlech ugaangen an elo gesäit een, dass déi Gebailechkeeten ufänke konkret Form ze kréien. Ech weess net ob et Sënn mécht, déi ganz Debatten, Propositiounen a Géigepropositiounen nach eng Kéier hei ze widderhuelen oder ze thematiséieren. Op alle Fall ass et esou, datt duerch d'Gesetz vum 6. Abrëll 1999 d'Regierung habilitéiert ginn ass, d'Cité judiciaire op dem Site vum Hellegeescht-Plateau opzeriichten. Och duerno ass dëse Site scho méi wéi eng Kéier a Fro gestallt ginn, wat awer net den Objet vu mengem Rapport soll sinn.

Elo, no méi wéi sechs Joer, sinn d'Aarbechte scho relativ wäit gediehen a wäerten och - wann elo alles riicht viruleeft - fir 2007 ofgeschloss kënne ginn. Wiem dësen Zäitraum wéi eng Éiwegkeet virkënnt, dee wëll ech drop hiweisen, datt schonn 1902 festgestallt gouf, datt de Palais de Justice vill ze kleng ass, fir de ganze Justizapparat ënnerzebréngen. Deemools waren doriwwer eraus nach eng Partie Schied um Gebai festgestallt ginn, dat jo am 16. Jorhonnert als Gouverneurspalast gedéngt huet an och, wann ech mech gutt erënneren, Palais de Berlaymont genannt gëtt. An der Kommissioun konnte mer gewuer ginn, datt d'Regierung am Moment nach näischt décidéiert huet, wat mat deem ale Justizpalast soll geschéien.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

Den Objet vum virleiende Gesetzesprojet ass u sech eng Rallonge budgétaire vu 25.950.000 Euro, déi awer net als Rallonge duergestallt gëtt, mä a Form vun engem neien Devis, deen dee ganze Projet erëm nei iwwerkuckt. Dat heescht den originale Projet war ugesat mat 99.250.000 Euro, elo hu mer en Devis virleie vun 125 Milliounen Euro. Eng Zomm, déi sech doduerch erkläre léisst, datt eng ganz Partie Neierungen hu misse virgeholl ginn un dem Projet, dee ganz iwwerholl ginn ass, nodeems d'UNESCO, de Conseil international des monuments et des sites - kuerz ICOMOS genannt - an d'Stad Lëtzebuerg deene Bedenke Rechnung gedroen hunn.

Den Haaptkritikpunkt loung virun allem doranner, datt de Projet u sech ze kompakt wier a sech géif negativ op d'Silhouette vun der Stad Lëtzebuerg auswierken. Dobäi koum dann och nach d'Découverte vun enger archeologescher Krypta, oder vun engem Klouschter aus dem 13. Jorhonnert, wou ICOMOS gemengt huet, déi misste virun erhale bleiwen.

Dat Ganzt huet da mat sech bruecht, datt wesentlech substanziell Änderungen un de Baupläng komm sinn, a fir eng Iddi ze ginn, ouni se elo am Detail hei ze skizzéieren, wëll ech der kuerz e puer opzielen:

D'Gebai vum Parquet vum Bezierksgeriicht ass ganz iwwerschafft ginn.

D'Gebai vum Service central d'Assistance sociale ass ganz aus de Baupläng erausgeholl ginn a soll an d'Gebai vun den Nationalarchiven transféréiert ginn.

D'Nationalarchivë komme jo bekanntlecherweis op Esch/Belval, mä en attendant, fir dann do genügend Plaz ze hu fir ze stockéieren, gëtt dann en Deel vum Parking als Zwëscheléisung geholl fir ze stockéieren.

Déi Ëmännerunge brénge mat sech, datt am Kader vun de Parkingsméiglechkeeten och huet misse geschnëppelt ginn op déi eng Manéier an op déi aner Manéier erëm weider ausgebaut ginn. Elo si mer bei 310 Parkingen amplaz vu 440.

D'Jugendgeriicht gëtt op eng aner Plaz higesat.

D'Friddensgeriicht erfiert liicht Ëmännerungen.

Dat Gebai vun de Locaux communs gëtt réaménagéiert, esou datt ee genügend Distanz zum Kanounenhiwwel behält.

De Projet vun der Tour des vents gëtt komplett fale gelooss.

An déi aachteckeg Tour vum Bezierksgeriicht gouf vergréissert, fir haaptsächlech och d'Cogénératiounszentral mat ënnerzebréngen.

Déi wichtegst Änderung um Projet ass awer d'Schafung vun der Crypte archéologique, wéi eben d'UNESCO an d'ICOMOS sech dat geduecht hunn. Do fält natierlech en Deel och vun deem geplangte Parking dann ewech.

Déi Krypta, déi dann aus dem 13. Jorhonnert d'Iwwerreschter mat sech eriwwer bréngt, huet eng Surface vu 60 op 46 Meter. Dat bedeit dann och déi grouss Distanz. Dat bedeit dann och, datt e Système porteur, deen aussergewéinlech ass, huet missen do eragezu ginn. An zwar gëtt eng Dalle mat enger Déckt vun 1,3 Meter do duerchgezunn, also 1 Meter 30, wat relativ grouss ass, wat relativ och kostspilleg ass. Mä déi awer noutwendeg ass, net nëmmen eleng fir déi Crypte do ze iwwerdecken, mä deen och noutwendeg ass fir déi Gebailechkeeten, déi verréckelt gi sinn, oder déi dorobber stoe kommen, kënne matzedroen.

Iwwert déi nei Répartitioun vun de Surfacë géing ech dann op de schréftleche Rapport vun der Kommissioun hiweisen, respektiv och op den Exposé des motifs, deen dem Projet bäiläit, deen explizit op deem dote Gebitt ass.

Ech wëll just an dësem Kontext vläicht nach ervirhiewen, datt d'Surface de réserve, déi '99 virgesi war op 3.400 m², elo praktesch verschafft gëtt, an deem Sënn datt dem Personalzouwuess an der Justiz Rechnung gedroe gëtt, an dee sech soll bis 2009 schlussendlech op 400 Unitéite belafen.

De Projet lant dann deementspriechend op 125 Milliounen. Dat heescht 26 Millioune méi wéi deen éischte Projet, dat bei engem Bauindex vu 501,34 Punkten, datéiert op den 1. Abrëll 1998.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn am Fong d'Eckpfeiler vun dësem Projet, deen natierlech och eng Partie Observatioune vun dem Statsrot nogezunn huet.

Eng éischt Kritik vum Statsrot ass déi wou e seet, de Projet wär net genügend duerchduecht gewiescht, e wär net seriö géréiert ginn an et wären ze vill Modifikatiounen a Réaménagementer komm.

Bon, ech mengen do muss ee feststellen, datt effektiv eng ganz Partie Réaménagementer komm sinn, déi awer vu baussen eran diktéiert gi sinn - ICOMOS, Stad Lëtzebuerg, UNESCO -, wat mat sech bruecht huet, datt de Projet komplett eng aner Form kritt huet wéi virdrun, well och der Silhouette vun der Stad anescht Rechnung gedroe ginn ass wéi am éischte Projet. D'Kommissioun ralliéiert sech do also un de Projet selwer vun dem Minister.

Da seet de Statsrot, fréier oder bis elo an deene meeschten Dépassementsprojeten ass eng Rallonge budgétaire gestëmmt ginn. Hei kënnt elo en neien Devis, wou de Statsrot dann och mengt, et hätt ee solle bleiwe bei deem ale System.

Bon, d'Kommissioun ass net där Meenung, well se seet, dee Projet hei ass u sech praktesch bal en neie Projet an et gewënnt un Transparenz, wann een dohinner geet an effektiv dann den Devis nei opzitt. Esou datt do d'Kommissioun der Propositioun vum Statsrot och net nokënnt.

Eng weider Kritik ass, wou de Statsrot sech d'Fro stellt, ob et net besser gewiescht wär, wat dat Klouschter aus dem 13. Jorhonnert ubelaangt, eng méi bëlleg Solutioun ze fannen. Wou en dann drop hiweist, vläicht hätt een dat kënne maache mat informateschen oder didakteschen Utensilien.

Bon, d'Kommissioun ass net där Meenung, well eben och ICOMOS an UNESCO gemengt hunn, dat do misst kënnen erhale bleiwen. An et gesäit och ganz gutt aus, als Vestige vun der Lëtzebuerger Vergaangenheet. Mir haten d'Méiglechkeet de Chantier besichen ze goen an dat ass relativ impressionant.

***(Interruption)***

Well de Moment nach e Meter Sand drop läit, deen duerno dann effektiv mam Läffelche muss erausgeholl ginn. Mä dat sinn eben d'Tücke wann ee soll bauen op esou engem Site.

De Statsrot kënnt dann och un déi Käschte vun der Ariichtung vun der Crypte archéologique, wou e seet, et wär besser gewiescht, wann een och déi Käschte mat an den Devis eragezogen hätt, amplaz datt déi de